

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. August 2020


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister an un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Den däitschen Automobilclub ADAC mécht an engem Pressekommunikée (22. Juli 2020) drop opmierksam, datt en E-Auto tëscht 10 a 25 Prozent méi Strom zitt, wéi säi Bordcomputer uweist. Dat ass bedéngt duerch Verloschter an deene verschiddenen Elementer vun enger Opluetstatioun, am Chargeur, deen am Auto agebaut ass, an an der Batterie. Dee Strom, dee verluer geet, schléit fir den Automobilist an d'Geld, och wann en net am Autoscomputer ugewise gëtt. Den ADAC fuerdert duerfir d'Hersteller op, dës Stromverloschter fir hir Cliente mat unzeginn an op Aggregator zeréckzegräifen, déi dës Verloschter a Grenzen halen. An deem Zesammenhang wéilt ech deenen Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, datt et beim Luede vun engem E-Auto zu Stromverloschter an der Héicht vun 10 bis 25 Prozent kënnt?
2. Ass d'Regierung op europäeschem Niveau schonn an Diskussiounen gewiescht, déi dës Verloschter uschwätzen, an zwar ausdrécklech och aus der Siicht vum Konsument, dee fir eppes bezuele muss, wat hien net geliwwert kritt?
3. Ënnerstëtzt d'Regierung d'Fuerderung vum ADAC un d'Autosproduzenten, op dës Verloschter opmierksam ze maachen, oder ass si gewëllt, dës Fuerderung ze ënnerstëtzen, wa si op europäeschem Niveau sollt opbruecht ginn?
4. Ass et méiglech, Aggregator vun E-Gefierer oder Luetstatiounen, déi fir en iwwerduerchschnëttleche Stromverloscht responsabel sinn, ze verbidden?
5. Huet d'Regierung beim Ekipement vun de Luetstatiounen, déi zu Lëtzebuerg installéiert sinn oder geplangt sinn, drop geuecht, datt dee Stromverloscht un der Luetstatioun sech a Grenzen hält? Wéi héich ass deen an der Praxis?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten